

**Evangelium
(Mt 13,54-58)**

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 54 Wéi de Jesus an säin Heemechtsduerf koum,
huet hien d'Leit an hirer Synagog geléiert,
esou datt si ausser sech waren a soten:
"Wouhier huet hien dës Weisheet
an dës Kraaft, fir Wonner ze wierken?"
- 55 Ass hien net dem Zammermann säi Jong?
Heescht seng Mamm net Maria,
an heeschen seng Bridder net Jakobus, Jouseph, Simon a Judas?
- 56 A sinn seng Schwësteren net alleguer hei bei äis?
Wouhier huet hien dann dat alles?"
- 57 An si hunn Ustuoss un him geholl.
De Jesus awer sot zu hinnen:
"Néierens gëtt e Prophéit manner geuecht
wéi an sengem Heemechtsduerf an an sengem Haus."
- 58 A wéinst hirem Onglaf
huet hien do net vill Wonner gewierkt.

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*